



## NOHALTEGKEETSROT



Eng Äerd, eng Politik, eng Gesellschaft!

### *One Planet Luxembourg*

*Eng Äerd, eng Politik, eng Gesellschaft!*

#### Manifeste

#### Mir fuerderen

- dass nohalteg Entwécklung an déi 17 Zieler DAT zentraalt Thema fir politescht Handelen ginn, dass all national Pläng ronderëm des Zieler sollen entworfen an op hier Koherenz iwverpréift ginn.
- dass Resilienz (aus mënschlecher Sicht an am Interessi vun der Natur) am Mëttelpunkt vun internationalen, nationalen an kommunalen Strategien steet.
- dass sozial Gerechtegkeet an den Interêt vun den zukünftigen Generatiounen dat öffentlecht Handelen sollen leeden fir een Iwwergang zu engem nohaltegen, resilienten an esouguer regenerativen Modell.
- dass Mënscherechter an Dignitéit vum Mënsch grad wéi vun all Liewewiesen müssen een essentielen Krittär fir all politesch a wirtschaftlech Decisioun sinn.

- dass d'Verbindung an een nohaltegen Equiliber zweschen den Aktivitéiten vum Mënsch an senger Ëmwelt mussen erëm hiergestallt ginn.
- dass der Biodiversitéit muss een Recht op eng Protektioun virum desastréisen Afloss vum Mënsch unerkannt ginn.
- dass eisen Wirtschafts- an fiskalen Modell, deen op enger illimitéiert Notzung vun den Ressourcen (Buedem, Energie, Waasser a Rohstoffer) baséiert, grad wéi op dem (quantitativen) Wuesstem vum Bruttoinlandprodukt, duerch een Modell ersat gëtt deen dem Wuel vun der Allgemengheet an eisem Bien-être Prioritéit gëtt, dat zweschen den Limitten vun enger sozialer Ennergrenz an enger ökologescher Uewergrenz.
- dass Jugend vun haut soll Méiglechkeet kréien, Acteur vum Wandel fir eng nohalteg Entwécklung ze sinn an fir den Schutz vun Ëmwelt a Klima aktiv ze sinn.

